„Haddocks and French Kisses“, dien zweeten Cd vun de Winklepickers.

2001 hunn de Roger Melcher an de Roland Meyer d’Winklepickers gegrënnt an et war vu virera kloer, datt de Rhythm and Blues sollt ganz uewen op der Lee stoen. Dëst ass déi emotional opgeluede Musik, déi déif am Blues verwuerzelt ass an déi de Rhythmus aus dem Jazz hëllt. Esou entsteet en energesche Mix dien d’Leit net roueg sëtze léist, se opstoen an danzen deet.

Op die berühmten Chicagoer Groussstaadtblues baséiert, mat Elementer vum schwéieren, breeden Deltablues duerchsat a gedriwwen vum stuerazegen, séieren engleschen Pub-R&B kënnt d’Musik vun de Winklepickers op een duer. Stécker vun de Fabulous Thunderbirds wiesselen sech of mat Dr Feelgood an dem Muddy Waters an dat ëmmer op déi typesch Winklepickers-Manéier: vill Spillfreed, vill Energie a vill Humouer.

Mëttlerweil sinn d’Winklepickers zu Lëtzebuerg eng richteg Kultband ginn, déi iwwert d’Grenze vun der Bluesmusik a vum Land hier Fans fënd an dofir 2010 och op dien international renomméierten „Lucerne Blues Festival“ ageluede gouf.

2008 koum dien éischten CD „12 R&B Knock-Outs“ eraus, dien als Referenz fir dës Zort vu Musik hei zu Lëtzebuerg gëllt an die mëttlerweil vergraff ass. Héich Zäit also fir en neien Disc: „Haddocks and French Kisses“ féiert dat konsequent wieder, wat 2008 ugefaange gouf, just nach vill méi „knallhaart“, „messerschaarf“ an „op de Punkt“. Mat der Prezisioun vun enger Schwäizer Auer a mat onheemlech vill Häerz a Gefill presentéieren déi véier Musiker 14 Stécker, déi sech dem Nolauschterer an d’Trommelfell brennen an déi e net méi esou séier aus dem Kapp erauskritt.

D’Winklepickers sinn de Roger Melcher (Gesang an Harmonika), de Roland Meyer (Gitaren), de Paul Lebrun (Bass a Gesang) an de Paul Neuen (Drums), alleguer keng Onbekannt. Dir sidd also gewarnt!

An Zesummenaarbecht mam „Bluesclub Lëtzebuerg“, dem „Ancien Cinéma Vianden“ a „Crossroads“ gëtt „Haddocks and French Kisses“ am Februar virgestallt:

Éischten Owend: freides, den 10.2.: Sang a Klang am Gronn - Opening 20.30 Auer

Zweeten Owend: samschdes, den 11.2.: Ancien Cinéma zu Veianen - Opening 21.00 Auer

Déi zwee Owenter ass den Entrée fräi!

Infoen:

www.winklepickers.lu

www.roland-meyer.lu